N° 4796
Reçue le 16.09.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 16 SEP. 2021

Réf. : 83ax3797a

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 4796 du 3 août 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 4796 du 3 août 2021 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet des anciens bâtiments de l'Athénée de Luxembourg, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Sam Tanson
Ministre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n°4796

I99-000050-20090730-FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Kulturministesch a vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 4796 vum 3. August 2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup betreffend den "anciens bâtiments de l'Athénée à Luxembourg".**

**1. Fro: Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt den Tribunal de commerce provisoresch an d'Gebai kennt, well net genuch Plaz an der Cité judiciaire ass?**

Den Tribunal de commerce ass momentan an enger Annexe vis-à-vis vun der Cité judiciaire ënnerbruecht. Well des Raimlechkeete net méi grouss genuch sinn, huet den Justizministère gefrot fir am Kader vun der Renovatioun vun der Nationalbibliothéik den Tribunal de commerce op den éischten an zweeten Stack ze integréieren ; dëst soll awer keng provisoresch mee eng definitiv Notzung sinn.

**2. Fro: Wa jo, ass dru geduecht, fir dem Rez-de-chaussée eng aner Verwendung ze ginn? U wat fir eng Verwendung gëtt dobäi geduecht?**

Nieft dem Entrées-Beräich fir an den Tribunal de commerce, befannen sech um Rez-de-chaussée Surfacen déi der Gastronomie an der Kultur dediéiert ginn. Vum Haff mat der Lann aus accessibel, ass e Café littéraire / book café geplangt, deen un di viregt Notzunge vum Gebai erënnere soll. Des weidere sinn um Rez-de-chaussée och nach Ausstellungsflächen an eng Brasserie mat enger Terrasse virgesinn. De Rez-de-chaussée an déi zwee Häff gi mat dëse Funktiounen zougänglech fir de Public gemaach.

**3. Fro: Wat hält d'Madamm Minister vun der Iddi, ee Museum fir sakral Konscht am Gebai anzeriichten?**

Ech verweisen hei op meng Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 232 vum 21. Januar 2019 vum Honorabelen Deputéierten André Bauler, souwéi op eis gemeinsam Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 4753 vum 27 Juli 2021 vun der selwechter Persoun. Woubäi ech der Meenung sinn, datt e Musée fir sakral Konscht sécher eng Opwäertung fir dës wichteg kulturell Komponent vun eiser Gesellschaft duerstelle géif, ass esou e Projet an der zukünfteger Notzung vum Gebai net virgesinn.

**4. Fro: Wéi steet d'Madamm Minister zur Iwwerleeung, am Rez-de-chaussée ee Visitor Center mat Projectionsraum anzeriichten, wou d'Touristegruppen, déi jo meeschtens bei der Gëlle Fra rausgelooss ginn, sech iwwert eist Land informéiere kënnen an och visuell Appetit op Lëtzebuerg gemaach kréien?**

Wéi aus eiser Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 4753 vum 27 Juli 2021 vum Honorabelen Deputéierten André Bauler erfirgeet, ass firgesinn, en Deel vum Rez-de-chaussée fir kulturell Zwecker ze reservéieren. Esou gëtt aktuell den Amenagement vun enger permanenter Ausstellung iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch ënnersicht.